



Communiqué de presse

Nei Directrice zu Schraasseg: Joke Van der Stricht

Mir als asbl ‚eran, eraus ... an elo?‘ wënschen der Madamm Joke Van der Stricht vill Courage an hirer neier Funktioun am Prisong zu Schraasseg.

Mir hoffen, dass Madamm Van der Stricht genuch Kraaft huet fir u folgende Punkten ze schaffen:

- Formation qualifiante: an de sëllegen Ateliere vu Schraasseg muss et méiglech sinn eng ‚formation qualifiante‘ ze maachen;
- Ausschaffe vun engem ‚concept culturel‘ fir de Prisong vu Schraasseg – mat enger Justizministesch déi och de Ressort Kultur ënnert sech huet, kenn ee jo bestëmmt flott Projeten op Been stellen;
- Bezuelung vun de Prisonéier déi am Prisong schaffen: ee Prisonéier soll gewisen kréien, dass sech éierlech Aarbecht lount a soll anstänneg fir seng geleeschten Aarbecht bezuelt ginn;
- Organisatioun vun de ‚visites familiales‘: fir d’Resozialisierung vun engem Prisonéier ass et wichteg eng gutt Relatioun mat senger Famill ze behalen. Säit dem Gesetz vun 2018 besteet d’Méiglechkeet fir esou Visitten z’organisieren an elo no 3 Joer muss dat och endlech ëmgesat ginn.

Op der Internetsäit vun der ‚Ecole nationale d’administration pénitentiaire‘ steet ënnert dem Kapitel ‚qualités requises‘ fir ee Prisongsdirekter ënner anerem Folgendes :
‘Femmes et hommes de communication, ils possèdent une grande capacité de dialogue et de réels talents de négociateur qui s’appuient sur un sens aigu du contact et de l’écoute.’

Mir denken, dass Madamm Van der Stricht all dës Eegenschaften huet. Eis asbl freet sech op alle Fall op ee konstruktiven Dialog mat der Madamm Van der Stricht mam Zill d’Konditiounen fir d’Prisonéier zu Schraasseg ze verbesseren an domadder d’Basis fir eng gelonge Resozialisierung ze schafen.

ERAN, ERAUS
... AN ELO?